# BILDUNG GEET MÉI WÄIT!

D'Schouljugendaarbecht ass onëmgänglech fir eng qualitativ héichwäerteg a ganzheetlech Bildung. **Si fërdert d'Kompetenz- an d'Perséinlechkeetsentwécklung** vun de Jonken am Kontext vum non-formale Léieren.

Si hëlleft deene Jonken, Zougang zu hirem eegene **Potenzial** ze fannen, a si bitt esou eng wäertvoll **Orientéierung** um Wee an en eegestännegt a selbstbestëmmt Erwuesseliewen.

D'Schouljugendaarbechter sinn **no um Alldag vun de Jonken**, verbrénge vill Zäit mat hinnen an der Schoul a genéissen doduerch e **besonnescht Vertrauen.**

Si erkenne **fréizäiteg**, wat déi Jonk brauchen, souwéi och hiert Entwécklungspotenzial a fërderen si ganzheetlech an hirer **Autonomie**.

SERVICE SOCIO-ÉDUCATIF

# D'MISSIOUNE VUN DE SCHOULJUGENDAARBECHTER SINN :

- **Bildungsraim erschafen,** déi déi Jonk fräi no hiren eegenen **Interessi a Besoine** gestalten an notze kënnen
- **Villfälteg Bildungsaktivitéiten** innerhalb an ausserhalb vum Lycée ubidden,déi de Jonken nei Impulser an Ureegunge fir hir Entwécklung ginn
- **Jugendkulturen** an der Schoul förderen
- **E positiivt Schoulklima ënnerstëtzen**
- Momenter vun **entspaantem an inspiréierendem Zesummesinn** am Grupp erméiglechen
- **Bedeelegungs- a Gestaltungsméiglechkeete** fir déi Jonk an der Schoul schafen

SERVICE SOCIO-ÉDUCATIF